National Solidaritéit no der Naturkatastrof!

Pressematdeelung vum 25. Juli 2016

D'ADR ass beandrockt vun dem séieren an efficace Asatz vun eisen Hëllefsdéngschter bei där schrecklecher Naturkatastrof am Raum Iermster, Fiels, Miedernach a Reisduerf a seet alle Leit, déi bedeelegt waren a besonnesch deene ville Benevolen en häerzleche Merci. Esou schlëmm dës Situatioun ass, si mir erliichtert, datt keng Persounen zu Schued komm sinn.

An dëser extremer Situatioun ass d'national Solidaritéit gefuerdert. Eist Land ka sech dës Solidaritéit gutt leeschten. Et ass un der Regierung alles fir déi betraffe Leit ze maachen, fir datt si no der Katastrof déi nemmlecht Existenz kënne féiere wéi virdrun. Et ass un der Regierung, fir d'Assurancen zu enger flexibeler Schuedensbedeelegung ze encouragéieren an d'Differenz zum tatsächleche Schued ze iwwerhuelen.

Lëtzebuerg hëlleft mat groussen Zommen international bei all Natur- an Ëmweltkatastrof. Dann däerf et bei enger nationaler Katastrof net op e puer Milliounen ukommen. An e puer Méint däerf d'Onwieder vu leschtem Freideg fir d'Affer nach just eng béis Ërënnerung sinn, déi fir si keng existentiell oder finanziell Konsequenze gedroen huet.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**